A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 3

# Kapitel 3 Säit 40, Übung 3

*Klasséiert d'Verben aus der Übung 2 S.40 an déi dräi Kategorien.*

| Trennbar Verben | Reflexiv Verben | Trennbar a reflexiv Verben |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

*Fëllt den Text mat de Verben aus dem Tableau fäerdeg aus.*

Moien, ech sinn d'Claire. Ech ........................................ all Dag um sechs Auer ................... .

Ech ginn direkt an d'Kichen a ...................................... d'Kaffismaschinn ...................

Ech drénke mäi Kaffi, ech iessen eng Schmier a lauschteren d'Noriichten um Radio.

Um hallwer siwe ginn ech an d'Buedzëmmer. Ech ................... mäin Jogging ................... an

da ginn ech eng hallef Stonn lafen. Ech ................... um Véierel op siwen nees ................... .

Ech ginn an d'Dusch an ech ................... ................... , ech ................... ................... ...................

an ech ................... ................... . Elo sinn ech prett fir op d'Aarbecht.

Ech ................... ................... an ech ................... d'Dier ................... . Ech ................... all Dag

um zéng vir aacht ................... an ech sinn normalerweis um zwanzeg op aacht op der

Aarbecht. Ech ................... spéitstens um hallwer néng ................... mat schaffen.

# Kapitel 3 Säit 43, Übung 10

*Wat fir e Saz ass korrekt? Ënnersträicht.*

1

De Buttek mécht um aacht Auer moies op.

De Buttek opmécht um aacht auer moies.

Um aacht Auer moies de Buttek mécht op.

2

Sonndes doen ech schick mech un.

Sonndes doen ech mech schick un.

Sonndes ech doe mech schick un.

3

Mir eis umelle fir de Cours.

Mir mellen eis fir de Cours un.

Mir umellen eis fir de Cours.

4

D'Eltere schreiwen hir Kanner an d'Crèche an.

D'Elteren aschreiwen  hir Kanner an d'Crèche.

D'Elteren schreiwen hir Kanner an d'Crèche.

5

De Cours fänkt pünktlech um hallwer néng un.

Um hallwer néng ufänkt pünktlech de Cours un.

De Cours ufänkt pünktlech um hallwer néng.

6

Ech akafe net gär samschdes.

Samschdes kafen ech net gär an.

Ech kafen an net gär samschdes.

# Kapitel 3 Säit 43, Übung 10

# *Sazbau an Inversioun*

D’Schüler schaffen zu zwee oder a klenge Gruppen a solle mat deenen Elementer fënnef richteg Sätz bilden (mat oder ouni Inversioun). Et geet drëm, all d’Käertercher ze benotzen. Et sollen also och zwou Froe virkommen. Et gi vill verschidde Méiglechkeeten an d’Sätz kënne variéiert ginn, fir de Sazbau an, virun allem, d’Inversioun ze trainéieren.

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| ECH | DOEN | MECH | NORMALERWEIS | AM SCHLOFZËMMER | UN |
| KEEFS | DU | GÄR | UM MAART | AN | ? |
| HIEN | RASÉIERT | SECH | ALL DAG | AM BUEDZËMMER | |
| FÄNKT | DE COURS | UM 10 AUER | UN | ? | |
| MIR | FUEREN | MOIES | ËMMER | UM 8 AUER | FORT |
| DIR | STITT | DE WEEKEND | GÄR | FRÉI | OP |
| SI | GINN | UM 7 AUER | DOHEEM | ERAUS | |

# Kapitel 3 Säit 44, Übung 13

*Liest d'Beispiller a schwätzt mat de Leit aus der Klass. Fannt fir all Fro op d'mannst eng Persoun, déi mat* **Jo** *äntwert an notéiert hiren Numm an den Tableau.*

**Fannt een an der Klass,**

| | **Numm** |
|---|---|
| dee gär am Bett Kaffi drénkt. | |
| dee moies gutt aus dem Bett kënnt. | |
| deen an der Dusch séngt. | |
| dee fir seng Fra / Frëndin oder säi Mann / Frënd de Kaffi mécht. | |
| deen ouni Kaffi ze drénken aus dem Haus geet. | |
| dee moies nëmmen 10 Minutten am Buedzëmmer brauch. | |
| deen ëmmer ze fréi op der Aarbecht / am Cours ass. | |
| dee sech gär kal duscht. | |
| dee moies Sport mécht. | |
| dee sech all Dag raséiert. | |

Beispill:

formell:

+ Drénkt Dir gär am Bett Kaffi?

- *Jo, de Weekend!*

+ Gutt, dann notéieren ech Ären Numm.

- *An Dir? Drénkt Dir och gär am Bett Kaffi?*

+ Nee.

informell:

+ Kënns du moies gutt aus dem Bett?

- *Nee, guer net. Ech maachen de Wecker ëmmer op d'mannst dräi Mol aus. An du?*

+ Nee, ech kommen och net gutt aus dem Bett.

- *Séngs du an der Dusch?*

+ Jo, ech sange ganz gär an der Dusch!

- *Super, da kann ech däin Numm opschreiwen.*

# *Wiesselspill*

## Kopie A

*Firwat mécht de Pol dat? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Schreift d'Sätz fäerdeg.*

De Pol

| | |
|---|---|
| rifft an de Restaurant un, | ............................................................................. |
| hëlt de Bus, | fir op d'Aarbecht ze fueren. |
| geet an de Fitnessclub, | fir Sport ze maachen. |
| geet op d'Gemeng, | ............................................................................. |
| schreift eng Kaart, | fir sengem Frënd fir de Gebuertsdag ze gratuléieren. |
| deet sech schick un, | ............................................................................. |
| invitéiert seng Frënn, | ............................................................................. |
| keeft en Zuchbilljee, | fir op Paräis ze fueren. |
| hëlt de Schlëssel, | fir d'Dier opzespären. |
| geet an de Sproochecours, | ............................................................................. |

Beispill:

A: Firwat rifft de Pol an de Restaurant un?
*B: Fir en Dësch ze reservéieren.*

*B: Firwat hëlt de Pol de Bus?*
A: Fir ...

# Kapitel 3 Säit 45, Übung 16

## *Wiesselspill*

## Kopie B

*Firwat mécht de Pol dat? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Schreift d'Sätz fäerdeg.*

De Pol

| | |
|---|---|
| rifft an de Restaurant un, | fir en Dësch ze reservéieren. |
| hëlt de Bus, | ............................................................ . |
| geet an de Fitnessclub, | ............................................................ . |
| geet op d'Gemeng, | fir sech unzemellen |
| schreift eng Kaart, | ............................................................ . |
| deet sech schick un, | fir an den Theater ze goen. |
| invitéiert seng Frënn, | fir iessen ze goen. |
| keeft en Zuchbilljee, | ............................................................ . |
| hëlt de Schlëssel, | ............................................................ . |
| geet an de Sproochecours, | fir Spuenesch ze léieren. |

Beispill:

A: Firwat rifft de Pol an de Restaurant un?
*B: Fir en Dësch ze reservéieren.*

*B: Firwat hëlt de Pol de Bus?*
A: Fir ...

# Kapitel 3 — Säit 46, Übung 2

*Liest d'Informatiounen iwwert de Max an d'Manuela.*
*Féllt den Text mat* schonn *an* eréischt *fäerdeg aus.*

1. De Max huet 40 Joer. D'Manuela huet *eréischt* 32 Joer.
2. Hie wunnt zënter zwee Joer zu Lëtzebuerg. Hatt wunnt *schonn* zënter fënnef Joer zu Lëtzebuerg.
3. Hie léiert zënter 6 Méint Lëtzebuergesch. Hatt léiert .................................... zënter zwee Joer Lëtzebuergesch.
4. De Max steet moies um 6 Auer op. D'Manuela steet .................................... um 7 Auer op.
5. Hien drénkt um 7 Auer Kaffi. Hatt drénkt .................................... um hallwer 8 Kaffi.
6. Um 11 Auer bréngt hien d'Kanner an d'Crèche. Hatt bréngt d'Kanner .................................... um 9 Auer an d'Crèche.
7. Um 12 Auer ësst hien zu Mëtteg. Hatt ësst.................................... um 13 Auer zu Mëtteg.
8. Um 13 Auer fiert hien op de Büro. Hatt fiert .................................... moies um hallwer 10 op de Büro.
9. Um 18 Auer fiert hien nees heem. Hatt fiert .................................... um 17 Auer nees heem.
10. Um 22 Auer geet hien normalerweis schlofen. Hatt geet normalerweis .................................... um 23 Auer schlofen.

*Schafft zu zwee. Formuléiert Froen an äntwert mat*
schonn *oder* eréischt.

Wéi laang:
- zu Lëtzebuerg wunnen?
- Lëtzebuergesch léieren?
- de Führerschäin hunn?

Um wéi vill Auer:
- opstoen?
- zu Mëtteg iessen?
- schlofe goen?

*Beispill:*
A: Wéi laang wunns du **schonn** zu Lëtzebuerg?
*B: Zënter sechs Joer. An du?*
A: Ech wunnen **eréischt** zënter zwee Joer hei.

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

# *Wiesselpräpositiounen: an op bei*

Dës Übung kann een ouni Hëllef (Variant 1), mat e bëssen Hëllef (Variant 2) oder mat vill Hëllef (Variant 3) maachen, jee no Nivau vun de Schüler.

Et kann een duerno och nach eng mëndlech Übung maachen: E Spill am Krees mat versate Froe (B äntwert op d'Fro, déi A gestallt krut, C op dem B seng Fro etc.).

Zum Beispill:

A (de Proff oder ee vun de Schüler) freet B: Wou keefs du Brout?

B: Bingo

A freet C: Wou keefs du Fleesch?

C: Beim Bäcker

A freet D: Wou keefs du Timberen?

D: Beim Metzler

Heiansdo kommen do ganz lëschteg Äntwerten eraus, d'Schüler konzentréieren sech op déi versaten Äntwerten an denken net méi iwwer Präpositiounen no.

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 1*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op.

**WOU …**

| | |
|---|---|
| keefs du Brout? | Beim Bäcker. / An der Bäckerei. |
| kucks du e Film? | ................................................. |
| danz du? | ................................................. |
| keefs du Timberen? | ................................................. |
| schwëmms du? | ................................................. |
| hëls du den Zuch? | ................................................. |
| studéiers du? | ................................................. |
| schléifs du? | ................................................. |
| ëss du? | ................................................. |
| reservéiers du eng Vakanz? | ................................................. |
| keefs du Fleesch? | ................................................. |
| kriss du Suen? | ................................................. |
| kriss du eng Carte d'identité? | ................................................. |
| keefs du Blummen? | ................................................. |
| gesäit een Déieren? | ................................................. |
| sinn déi krank Leit? | ................................................. |
| keefs du Uebst a Geméis? | ................................................. |
| hëls du de Fliger? | ................................................. |
| spillen d'Kanner? | ................................................. |
| léiers du Lëtzebuergesch? | ................................................. |

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 2*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op. *D'Plaze stinn duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WOU ...**

keefs du Brout? Beim Bäcker. / An der Bäckerei.

kucks du e Film? ............................................................

danz du? ............................................................

keefs du Timberen? ............................................................

schwëmms du? ............................................................

hëls du den Zuch? ............................................................

studéiers du? ............................................................

schléifs du? ............................................................

ëss du? ............................................................

reservéiers du eng Vakanz? ............................................................

keefs du Fleesch? ............................................................

kriss du Suen? ............................................................

kriss du eng Carte d'identité? ............................................................

keefs du Blummen? ............................................................

gesäit een Déieren? ............................................................

sinn déi krank Leit? ............................................................

keefs du Uebst a Geméis? ............................................................

hëls du de Fliger? ............................................................

spillen d'Kanner? ............................................................

léiers du Lëtzebuergesch? ............................................................

~~Bäcker/ Bäckerei~~ Bank Bett Blummebuttek Cours
Disco Fluchhafen Gare Gemeng Kino Maart
Metzler/Metzlerei Post Reesbüro Restaurant Schwämm/
Piscine Spidol Spillplaz Uni Zoo

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 3*

*Äntwert op d'Froen. Dir fannt d'Äntwerten duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WOU …**

keefs du Brout? Beim Bäcker. / An der Bäckerei.

kucks du e Film? ……………………

danz du? ……………………

keefs du Timberen? ……………………

schwëmms du? ……………………

hëls du den Zuch? ……………………

studéiers du? ……………………

schléifs du? ……………………

ëss du? ……………………

reservéiers du eng Vakanz? ……………………

keefs du Fleesch? ……………………

kriss du Suen? ……………………

kriss du eng Carte d'identité? ……………………

keefs du Blummen? ……………………

gesäit een Déieren? ……………………

sinn déi krank Leit? ……………………

keefs du Uebst a Geméis? ……………………

hëls du de Fliger? ……………………

spillen d'Kanner? ……………………

léiers du Lëtzebuergesch? ……………………

| | | | |
|---|---|---|---|
| am Bett<br>am Blummebuttek<br>am Cours<br>am Kino<br>am Reesbüro<br>am Restaurant | am Spidol<br>am Zoo<br>an der Disco<br>an der Schwämm/ Piscine | ~~beim Bäcker/an der Bäckerei~~<br>beim Metzler/an der Metzlerei<br>op der Bank<br>op der Gare<br>op der Gemeng<br>op der Post | op der Spillplaz<br>op der Uni<br>um Fluchhafen<br>um Maart |

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 1*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op.

**WUER gees du, fir …**

| | |
|---|---|
| Brout ze kafen? | Bei de Bäcker. / An d'Bäckerei. |
| e Film ze kucken? | ……………………………………. |
| ze danzen? | ……………………………………. |
| Timberen ze kafen? | ……………………………………. |
| ze schwammen? | ……………………………………. |
| den Zuch ze huelen? | ……………………………………. |
| ze studéieren? | ……………………………………. |
| ze schlofen? | ……………………………………. |
| z'iessen? | ……………………………………. |
| eng Vakanz ze reservéieren? | ……………………………………. |
| Fleesch ze kafen? | ……………………………………. |
| Suen ze kréien? | ……………………………………. |
| eng Carte d'identité ze kréien? | ……………………………………. |
| Blummen ze kafen? | ……………………………………. |
| Déieren ze kucken? | ……………………………………. |
| krank Leit ze besichen? | ……………………………………. |
| Uebst a Geméis ze kafen? | ……………………………………. |
| de Fliger ze huelen? | ……………………………………. |
| mat de Kanner ze spillen? | ……………………………………. |
| Lëtzebuergesch ze léieren? | ……………………………………. |

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 2*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op. *D'Plaze stinn duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WUER gees du, fir …**

Brout ze kafen? Bei de Bäcker. / An d'Bäckerei.

e Film ze kucken? ……………………………………….

ze danzen? ……………………………………….

Timberen ze kafen? ……………………………………….

ze schwammen? ……………………………………….

den Zuch ze huelen? ……………………………………….

ze studéieren? ……………………………………….

ze schlofen? ……………………………………….

z'iessen? ……………………………………….

eng Vakanz ze reservéieren? ……………………………………….

Fleesch ze kafen? ……………………………………….

Suen ze kréien? ……………………………………….

eng Carte d'identité ze kréien? ……………………………………….

Blummen ze kafen? ……………………………………….

Déieren ze kucken? ……………………………………….

krank Leit ze besichen? ……………………………………….

Uebst a Geméis ze kafen? ……………………………………….

de Fliger ze huelen? ……………………………………….

mat de Kanner ze spillen? ……………………………………….

Lëtzebuergesch ze léieren? ……………………………………….

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| ~~Bäcker/ Bäckerei~~ | Bank | Bett | Blummebuttek | | Cours |
| Disco | Fluchhafen | Gare | Gemeng | Kino | Maart |
| Metzler/Metzlerei | | Post | Reesbüro | Restaurant | Schwämm/ |
| Piscine | Spidol | Spillplaz | Uni | Zoo | |

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 3*

*Äntwert op d'Froen. Dir fannt d'Äntwerten duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WUER gees du, fir …**

| | |
|---|---|
| Brout ze kafen? | Bei de Bäcker. / An d'Bäckerei. |
| e Film ze kucken? | ................................. |
| ze danzen? | ................................. |
| Timberen ze kafen? | ................................. |
| ze schwammen? | ................................. |
| den Zuch ze huelen? | ................................. |
| ze studéieren? | ................................. |
| ze schlofen? | ................................. |
| z'iessen? | ................................. |
| eng Vakanz ze reservéieren? | ................................. |
| Fleesch ze kafen? | ................................. |
| Suen ze kréien? | ................................. |
| eng Carte d'identité ze kréien? | ................................. |
| Blummen ze kafen? | ................................. |
| Déieren ze kucken? | ................................. |
| krank Leit ze besichen? | ................................. |
| Uebst a Geméis ze kafen? | ................................. |
| de Fliger ze huelen? | ................................. |
| mat de Kanner ze spillen? | ................................. |
| Lëtzebuergesch ze léieren? | ................................. |

| | | | |
|---|---|---|---|
| an d'Bett | | ~~bei de Bäcker/an d'Bäckerei~~ | |
| an de Blummebuttek | an d'Spidol | bei de Metzler/an d'Metzlerei | op d'Spillplaz |
| an de Cours | an den Zoo | op d'Bank | op d'Uni |
| an de Kino | an d'Disco | op d'Gare | op de Fluchhafen |
| an de Reesbüro | an d'Schwämm/Piscine | op d'Gemeng | op de Maart |
| an de Restaurant | | op d'Post | |

# *Wiesselspill*

## Kopie A

*Wuer geet d'Laura, fir d'Saachen ze kafen? Wou keeft hatt d'Saachen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Schreift d'Sätz fäerdeg.*

A: **Wuer** geet d'Laura, fir Blummen ze kafen?
*B: Hatt geet **an de** Blummebuttek.*

*B: **Wou** keeft d'Laura e Buch?*
A: Hatt keeft et **am** Bicherbuttek.

1. D'Laura geet ..an de Blummebuttek.., fir Blummen ze kafen.

2. Hatt keeft e Buch am Bicherbuttek.

3. Hatt keeft en neie Parfum .............................................

4. Hatt geet an d'Librairie, fir en Dictionnaire ze kafen.

5. Hatt geet ............................................, fir en Abonnement fir de Bus ze kafen.

6. Hatt keeft eng Rees op Florenz am Reesbüro.

7. Hatt keeft e Guide vu Florenz .............................................

8. Hatt geet ............................................, fir frëscht Uebst ze kafen.

9. Hatt keeft d'Timberen op der Post.

10. Hatt geet bei de Bäcker, fir e Kuch ze kafen.

11. Hatt geet ............................................, fir Ham ze kafen.

12. Hatt keeft eng nei Auer beim Bijoutier.

# Kapitel 3

Säit 47, Übung 8

# *Wiesselspill*

## Kopie B

*Wuer geet d'Laura, fir d'Saachen ze kafen? Wou keeft hatt d'Saachen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Schreift d'Sätz fäerdeg.*

A: **Wuer** geet d'Laura, fir Blummen ze kafen?
*B: Hatt geet **an de** Blummebuttek.*

*B: **Wou** keeft d'Laura e Buch?*
A: Hatt keeft et **am** Bicherbuttek.

*1. D'Laura geet an de Blummebuttek, fir Blummen ze kafen.*

*2. Hatt keeft e Buch* am Bicherbuttek.

*3. Hatt keeft en neie Parfum an der Parfümerie.*

*4. Hatt geet ......................................, fir en Dictionnaire ze kafen.*

*5. Hatt geet op d'Gare, fir en Abonnement fir de Bus ze kafen.*

*6. Hatt keeft eng Rees op Florenz ......................................*

*7. Hatt keeft e Guide vu Florenz um Fluchhafen.*

*8. Hatt geet op de Maart, fir frëscht Uebst ze kafen.*

*9. Hatt keeft d'Timberen ......................................*

*10. Hatt geet ......................................, fir e Kuch ze kafen.*

*11. Hatt geet bei de Metzler, fir Ham ze kafen.*

*12. Hatt keeft eng nei Auer ......................................*

# Kapitel 3

## Säit 52, Übung 4

*Kuckt de Modell, liest d'Beispill a maacht e Rendez-vous mat enger Persoun aus der Klass.*



de Weekend –
zesummen iesse goen?

☺ Loscht hunn – wéini?

e Samschdeg den Owend?

☹ keng Zäit – Kino –
e Sonndeg den Owend?

☺

Auerzäit?

20:00?

☹ - méi fréi? –
e Méindeg fréi schaffen

18:30?

☺ - wuer?

Restaurant “Basilico”?

☺

A: Hues du Loscht de Weekend mat mir iessen ze goen?

*B: Jo, gär! Wéini?*

A: ...

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 3

# Kapitel 3 Säit 40, Übung 3

*Klasséiert d'Verben aus der Übung 2 S.40 an déi dräi Kategorien.*

| Trennbar Verben | Reflexiv Verben | Trennbar a reflexiv Verben |
|---|---|---|
| *umaachen* | *sech wäschen* | *sech undoen* |
| *fortfueren* | *sech schminken* | |
| *ufänken* | | |
| *opstoen* | | |
| *undoen* | | |
| *zouspären* | | |
| *heemkommen* | | |
| *erausgoen* | | |

*Fëllt den Text mat de Verben aus dem Tableau fäerdeg aus.*

Moien, ech sinn d'Claire. Ech **stinn** all Dag um sechs Auer **op**. Ech ginn direkt an d'Kichen a **maachen** d'Kaffismaschinn **un**. Ech drénke mäi Kaffi, ech iessen eng Schmier a lauschteren d'Noriichten um Radio. Um hallwer siwe ginn ech an d'Buedzëmmer. Ech **di / doe** mäin Jogging **un** an da ginn ech eng hallef Stonn lafen. Ech **kommen** um Véierel op siwen nees **heem**. Ech ginn an d'Dusch an ech **wäsche mech**, ech **di / doe mech un** an ech **schminke mech**. Elo sinn ech prett fir op d'Aarbecht. **Ech ginn eraus** an ech **spären** d'Dier **zou**. Ech **fueren** all Dag um zéng vir aacht **fort** an ech sinn normalerweis um zwanzeg op aacht op der Aarbecht. Ech **fänke** spéitstens um hallwer néng **u** mat schaffen.

# Kapitel 3 Säit 43, Übung 10

*Wat fir e Saz ass korrekt? Ënnersträicht.*

1

De Buttek mécht um aacht Auer moies op.

De Buttek opmécht um aacht auer moies.

Um aacht Auer moies de Buttek mécht op.

2

Sonndes doen ech schick mech un.

Sonndes doen ech mech schick un.

Sonndes ech doe mech schick un.

3

Mir eis umelle fir de Cours.

Mir mellen eis fir de Cours un.

Mir umellen eis fir de Cours.

4

D'Eltere schreiwen hir Kanner an d'Crèche an.

D'Elteren aschreiwen  hir Kanner an d'Crèche.

D'Elteren schreiwen hir Kanner an d'Crèche.

5

De Cours fänkt pünktlech um hallwer néng un.

Um hallwer néng ufänkt pünktlech de Cours un.

De Cours ufänkt pünktlech um hallwer néng.

6

Ech akafe net gär samschdes.

Samschdes kafen ech net gär an.

Ech kafen an net gär samschdes.

# Kapitel 3 — Säit 46, Übung 2

*Liest d'Informatiounen iwwert de Max an d'Manuela.*
*Fëllt den Text mat* schonn *an* eréischt *fäerdeg aus.*

1. De Max huet 40 Joer. D'Manuela huet *eréischt* 32 Joer.
2. Hie wunnt zënter zwee Joer zu Lëtzebuerg. Hatt wunnt *schonn* zënter fënnef Joer zu Lëtzebuerg.
3. Hie léiert zënter 6 Méint Lëtzebuergesch. Hatt léiert ***schonn*** zënter zwee Joer Lëtzebuergesch.
4. De Max steet moies um 6 Auer op. D'Manuela steet ***eréischt*** um 7 Auer op.
5. Hien drénkt um 7 Auer Kaffi. Hatt drénkt ***eréischt*** um hallwer 8 Kaffi.
6. Um 11 Auer bréngt hien d'Kanner an d'Crèche. Hatt bréngt d'Kanner ***schonn*** um 9 Auer an d'Crèche.
7. Um 12 Auer ësst hien zu Mëtteg. Hatt ësst ***eréischt*** um 13 Auer zu Mëtteg.
8. Um 13 Auer fiert hien op de Büro. Hatt fiert ***scho*** moies um hallwer 10 op de Büro.
9. Um 18 Auer fiert hien nees heem. Hatt fiert ***schonn*** um 17 Auer nees heem.
10. Um 22 Auer geet hien normalerweis schlofen. Hatt geet normalerweis ***eréischt*** um 23 Auer schlofen.

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 2*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op. *D'Plaze stinn duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WOU …**

| | |
|---|---|
| keefs du Brout? | *Beim Bäcker. / An der Bäckerei.* |
| kucks du e Film? | *Am Kino.* |
| danz du? | *An der Disco.* |
| keefs du Timberen? | *Op der Post.* |
| schwëmms du? | *An der Schwämm. / An der Piscine.* |
| hëls du den Zuch? | *Op der Gare.* |
| studéiers du? | *Op der Uni.* |
| schléifs du? | *Am Bett.* |
| ëss du? | *Am Restaurant.* |
| reservéiers du eng Vakanz? | *Am Reesbüro.* |
| keefs du Fleesch? | *Beim Metzler. / An der Metzlerei.* |
| kriss du Suen? | *Op der Bank.* |
| kriss du eng Carte d'identité? | *Op der Gemeng.* |
| keefs du Blummen? | *Am Blummebuttek.* |
| gesäit een Déieren? | *Am Zoo.* |
| sinn déi krank Leit? | *Am Spidol.* |
| keefs du Uebst a Geméis? | *Um Maart.* |
| hëls du de Fliger? | *Um Fluchhafen.* |
| spillen d'Kanner? | *Op der Spillplaz.* |
| léiers du Lëtzebuergesch? | *Am Cours.* |

~~Bäcker/ Bäckerei~~ Bank Bett Blummebuttek Cours
Disco Fluchhafen Gare Gemeng Kino Maart
Metzler/Metzlerei Post Reesbüro Restaurant Schwämm/
Piscine Spidol Spillplaz Uni Zoo

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 3*

*Äntwert op d'Froen. Dir fannt d'Äntwerten duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WOU …**

| | |
|---|---|
| keefs du Brout? | *Beim Bäcker. / An der Bäckerei.* |
| kucks du e Film? | *Am Kino.* |
| danz du? | *An der Disco.* |
| keefs du Timberen? | *Op der Post.* |
| schwëmms du? | *An der Schwämm. / An der Piscine.* |
| hëls du den Zuch? | *Op der Gare.* |
| studéiers du? | *Op der Uni.* |
| schléifs du? | *Am Bett.* |
| ëss du? | *Am Restaurant.* |
| reservéiers du eng Vakanz? | *Am Reesbüro.* |
| keefs du Fleesch? | *Beim Metzler. / An der Metzlerei.* |
| kriss du Suen? | *Op der Bank.* |
| kriss du eng Carte d'identité? | *Op der Gemeng.* |
| keefs du Blummen? | *Am Blummebuttek.* |
| gesäit een Déieren? | *Am Zoo.* |
| sinn déi krank Leit? | *Am Spidol.* |
| keefs du Uebst a Geméis? | *Um Maart.* |
| hëls du de Fliger? | *Um Fluchhafen.* |
| spillen d'Kanner? | *Op der Spillplaz.* |
| léiers du Lëtzebuergesch? | *Am Cours.* |

| | | | |
|---|---|---|---|
| am Bett<br>am Blummebuttek<br>am Cours<br>am Kino<br>am Reesbüro<br>am Restaurant | am Spidol<br>am Zoo<br>an der Disco<br>an der Schwämm/ Piscine | ~~beim Bäcker/an der Bäckerei~~<br>beim Metzler/an der Metzlerei<br>op der Bank<br>op der Gare<br>op der Gemeng<br>op der Post | op der Spillplaz<br>op der Uni<br>um Fluchhafen<br>um Maart |

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 2*

*Äntwert op d'Froen a benotzt* an, bei, op. *D'Plaze stinn duercherneen ännen an der Këscht.*

**WUER gees du, fir …**

| | |
|---|---|
| Brout ze kafen? | *Bei de Bäcker. / An d'Bäckerei.* |
| e Film ze kucken? | *An de Kino.* |
| ze danzen? | *An d'Disco.* |
| Timberen ze kafen? | *Op d'Post.* |
| ze schwammen? | *An d'Schwämm. / An d'Piscine.* |
| den Zuch ze huelen? | *Op d'Gare.* |
| ze studéieren? | *Op d'Uni.* |
| ze schlofen? | *An d'Bett.* |
| z'iessen? | *An de Restaurant.* |
| eng Vakanz ze reservéieren? | *An de Reesbüro.* |
| Fleesch ze kafen? | *bei de Metzler. / An d'Metzlerei.* |
| Suen ze kréien? | *Op d'Bank.* |
| eng Carte d'identité ze kréien? | *Op d'Gemeng.* |
| Blummen ze kafen? | *An de Blummebuttek.* |
| Déieren ze kucken? | *An den Zoo.* |
| krank Leit ze besichen? | *An d'Spidol.* |
| Uebst a Geméis ze kafen? | *Op de Maart.* |
| de Fliger ze huelen? | *Op de Fluchhafen.* |
| mat de Kanner ze spillen? | *Op d'Spillplaz.* |
| Lëtzebuergesch ze léieren? | *An de Cours.* |

~~Bäcker/ Bäckerei~~ Bank Bett Blummebuttek Cours
Disco Fluchhafen Gare Gemeng Kino Maart
Metzler/Metzlerei Post Reesbüro Restaurant Schwämm/
Piscine Spidol Spillplaz Uni Zoo

# Kapitel 3 Säit 47, Übung 8

## *Variant 3*

*Äntwert op d'Froen. Dir fannt d'Äntwerten duercherneen ënnen an der Këscht.*

**WUER gees du, fir …**

| | |
|---|---|
| Brout ze kafen? | *Bei de Bäcker. / An d'Bäckerei.* |
| e Film ze kucken? | *An de Kino.* |
| ze danzen? | *An d'Disco.* |
| Timberen ze kafen? | *Op d'Post.* |
| ze schwammen? | *An d'Schwämm. / An d'Piscine.* |
| den Zuch ze huelen? | *Op d'Gare.* |
| ze studéieren? | *Op d'Uni.* |
| ze schlofen? | *An d'Bett.* |
| z'iessen? | *An de Restaurant.* |
| eng Vakanz ze reservéieren? | *An de Reesbüro.* |
| Fleesch ze kafen? | *bei de Metzler. / An d'Metzlerei.* |
| Suen ze kréien? | *Op d'Bank.* |
| eng Carte d'identité ze kréien? | *Op d'Gemeng.* |
| Blummen ze kafen? | *An de Blummebuttek.* |
| Déieren ze kucken? | *An den Zoo.* |
| krank Leit ze besichen? | *An d'Spidol.* |
| Uebst a Geméis ze kafen? | *Op de Maart.* |
| de Fliger ze huelen? | *Op de Fluchhafen.* |
| mat de Kanner ze spillen? | *Op d'Spillplaz.* |
| Lëtzebuergesch ze léieren? | *An de Cours.* |

| | | | |
|---|---|---|---|
| an d'Bett | | ~~bei de Bäcker/an d'Bäckerei~~ | |
| an de Blummebuttek | an d'Spidol | bei de Metzler/an d'Metzlerei | op d'Spillplaz |
| an de Cours | an den Zoo | op d'Bank | op d'Uni |
| an de Kino | an d'Disco | op d'Gare | op de Fluchhafen |
| an de Reesbüro | an d'Schwämm/Piscine | op d'Gemeng | op de Maart |
| an de Restaurant | | op d'Post | |

# Kapitel 3 Säit 52, Übung 4

*Kuckt de Modell, liest d'Beispill a maacht e Rendez-vous mat enger Persoun aus der Klass.*

de Weekend –
zesummen iesse goen?

☺ Loscht hunn – wéini?

e Samschdeg den Owend?

☹ keng Zäit – Kino –
e Sonndeg den Owend?

☺

Auerzäit?

20:00?

☹ - méi fréi? –
e Méindeg fréi schaffen

18:30?

☺ - wuer?

Restaurant "Basilico"?

☺

*Zum Beispill:*

A: Hues du Loscht de Weekend mat mir iessen ze goen?

B: Jo, gär! Wéini?

A: Hues du e Samschdeg den Owend Zäit?

B: Nee, leider net. Do ginn ech mam Julie an de Kino. Hues du e Sonndeg den Owend Zäit?

A: Jo, dat geet!

B: Um wéi vill Auer?

A: Ass aacht Auer ok?

B: Hmm, kënne mer och e bësse méi fréi goen? Ech muss e Méindeg fréi opstoen, fir schaffen ze goen.

A: Um hallwer 7?

B: Tipptopp!Wuer wëlls du iesse goen?

A: Kenns du de Restaurant "Basilico"? Deen ass ganz gutt!

B: Ok! Bis e Sonndeg dann!